



**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°6703 vum  
24. August 2022 vum éierewäerten Deputéierten Fred Keup iwwert Pénurie vu russeschem Gas**

**1) Deelt den Här Energieminister déi aktuell Aschätzung vum belsche Premierminister? Falls jo, goufen déi Lëtzebuenger Noutfallpläng méttlerweilentspriechend ugepasst?**

D'lëtzebuenger Regierung deelt d'Aschätzung vum belsche Regierungschef De Croo, dass d'EU-Länner wuel eng länger Zäit mat Versuerungsproblemer am Gas konfrontéiert wäerte ginn. An et wäert och esou sinn, dass verschidde Länner an Zentral- an Osteuropa, déi méi vu russeschem Äerdgas ofhänke wéi beispillsweis Lëtzebuerg respektiv d'Belsch, riskéieren méi Schwieregkeeten ze kréien wéi déi Länner déi manner op russesche Gas ugewise sinn.

Lëtzebuerg huet, sou wéi all Memberstaat, en Noutfallplang am Gas eng éischte Kéier 2012 opgestallt konform zum EU Reglement Nr. 994/2010, dat spéider duerch d'Reglement 2017/1938 iwwert d'Versuerungssecherheet am Gas ersat ginn ass, an all 2 Joer à jour gesat muss ginn. Déi lescht Versioun vum Noutfallplang vum Oktober 2020 ass am gaangen ugepasst ze ginn fir der aktueller Kris, déi duerch den Ugrëffskrich vu Russland an der Ukraine ausgeléist gouf, an der eventueller Noutwennegkeet vun méi laangfristige Kierzungen Rechnung ze droen. Am Noutfallplang wäerte souwuel fräiwëlleg wéi och obligatoresch Mesurë virgesi gi fir de Gasverbrauch bei all de Kategorien vu Verbraucher jee no Gravitét vun der Kris ze reduzéieren. Den ugepasstene Plang muss bis spéitstens Enn Oktober op Bréissel notifiéiert ginn, sou wéi d'EU Reglement 2022/1369 iwwert koordinéiert Moosnamen fir d'Erofsetzen vum Gasverbrauch dat virgesäit.

Lëtzebuerg, den 30. September 2022  
(s.) Claude Turmes  
Minister fir Energie